Jugenddësch 2021 – Mental Gesondheet

Den 20. Mee 2021 gouf et eng nei Editioun vum „Jugenddësch" zum Thema *Mental Gesondheet a Wuelbefannen* (Youth Goal #5). Dëse wichtegen a konstruktiven Austausch tëschent Regierung, Experten a Vertrieder vun (net)organiséierte Jonken huet am Virfeld vun der Veröffentlechung vum Jugendbericht esou wéi dem zukünftege Jugendpakt stattfonnt.

Mam Jugenddësch ass de Jugenddialog zu Lëtzebuerg konkret an Aktioun getrueden, fir deem wichtegen Thema vun der mentaler Gesondheet vu Jonken eng weider Bün am Hibléck op d'Gestaltung vun der Jugendpolitik vum Land ze bidden.

De Jugenddësch ass an zwee Deeler ugebuede ginn – Et ass lassgaange mat engem Livestream op Lëtzebuergesch mat Simultaniwwersetzung op Franséisch, wou jiddwereen sech déi ëffentlech Presentatiounen ukucken an aktiv um uschléissenden Austausch deelhuele konnt. Heibäi goufe flott a wichteg Initiative virgestallt, ugefaange mam Jugendbericht 2021, dee vun engem Jugendfuerscher vun der Uni Lëtzebuerg presentéiert gouf. Dono konnt ee konkret Aktivitéite vum Terrain méi genee kennelëieren. Hei war z.B. d'Campagne „Act 4 Support" vum CEPAS/MENJE dobäi, ënnerstëtzt vun der CNEL, der UNEL, dem Jugendparlament an dem Jugendrot/CGJL. Dobäi koumen d'Initiativë „Chatberodung" vum Kanner- a Jugendtelefon, „Mind my mind" vun der ANIJ, „Jugend Stäerken" vum DLJ, esou wéi d'Petitioun 1516 „Grad sou wéi de Schouldokter soll e Psycholog all zwee Joer an d'Schoule kommen", déi vun der Schülerin Sarah Thoss lancéiert gouf.

Inspiréiert vun dëse wichtege Beispiller huet am Uschloss eng Aarbechtssëtzung stattfonnt, a Presenz vun der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert, dem Här Educatiounsminister Claude Meisch, esou wéi Experten a Vertriedungen aus dem Jugendberäich. Am Virfeld goufe Jugendorganisatiounen an aner Acteuren aus dem Jugendberäich agelueden, Stellungnamen zum Thema vum Jugenddësch anzereechen. Dës konkret Fuerderunge goufen an der Sëtzung diskutéiert a sollen, zesumme mat den Iddien an Uleies vun de Jonken aus de sëllegen Diskussiounsgruppen a Sondagë vum Jugenddialog, e wichtegen Input fir de nächste Schratt ginn, an zwar a Richtung vum neie Jugendpakt deen am Hierscht 2021 finaliséiert gëtt.



YOUTH GOAL #5: MENTAL GESONDHEET A WUELBEFANNEN

Eng Verbesserung vum mentale Wuelbefannen erreechen, d'Stigmatisatioun vun de psychesche Krankheeten zu en Enn bréngen an domat déi gesellschaftlech Inklusioun vun all de Jonke förderen.

INFORMATIOUNEN

D'Videoen, d'Fuerderunge vun de Jugendorganisatiounen a weider Informatiounen zum Jugenddësch fannt dir op: **www.dialog.lu** ; **Mail.** dialog@jugendrot.lu